CAD CONNECT

NEWSLETTER 2011-1

VIRWUERT

Léiw Athletinnen,
Léiw Athleten,

Pünktlech fir d'Vakanzenzäit a fir "d'Summerpaus" an der nationaler Liichtathletikszen kënnt den 3. CAD Connect eraus.

Däer fannt hei e puer Infoen vun der éischter Halschent vun der Saison, an e kuerzen Iwwerbléck wat dëst Joër nach op eis duer kënnt!

CHANGEMENTER AM KOMITE

An der Generalversammlung vum 4. Mäerz 2011, goufen zwee Changementer am Komité verkënnegt.

Emol koumen als nei Memberen d'**Nicole Dohmen** an de **Jean-Claude Wallenborn** matt dobäi, gläichzäiteg huet de **Fernand Gales** awer bekannt ginn, säi Mandat als Vizepräsident net méi ze verlängeren, an och am Komité net méi weider ze maachen.

Nei Komités-Memberen:
Nicole Dohmen

Jean-Claude Wallenborn

Mam Fern hällt eng vun de Figuren am Veräin op, déi an denen läschten Joren sëcherlech extrem vill zum Veräinsliewen bäigedroen huet an emmer eng vun deenen dreiwende Kräfte war. Hien ass emmer mat flotten Iddien komm, wa mer nëmmen un d'international Hürdecoursen denken. Och beim 75ten Anniversaire a bei dem Meeting d'Inauguration de la Piste war hien eng vun den Haaptfiguren.

De Komité wëllt dem Fern hei nach emol Merci soen, an hofft datt hien no enger klenger Verschnaufpaus nees rem e Comeback feieren wäert.

Dem Fern seng Fonktiounen als Vizepräsident gouf vum **Pit Biver** iwwerholl.

Zu dem Thema wëllt de Komité och nach bemierken datt d'Athleten op der Generalversammlung net besonneg gudd vertrueden waren... och dëss Generalversammlung gehéiert awer zum Veräinsliewen! De Komité wënscht sech fir 2012 eng besser Präsenz!

STAGE 2011 MARINA DI PIETRASANTA

Den 8. Abrëll war et endlech esou wäit, mir sin all, dat heescht 32 Athleten, 4 Trainer an 1 Offiziellen, zesumme mam Bus Richtung Italien kutschéiert.

No enger laanger Nuecht si mir géint Mëtteg am Hotel Joseph ukomm, wou mir direkt mat engem italieneschen 3-Gänge Menü begréisst goufen.

Och di Deeg drop goufe mer mam lessen net enttäuscht, wat wichteg war, well den Training war haart.

Dat hu mer och direkt Mëttes festgestallt. Um 1. Training ass et drëms gaangen op der Plage ABC-Übungen ze maachen. U sëch näischt Groussarteges. Mee di meescht vun eis hun mol eng Kéier komesch gekuckt wéi den Alain eis gewisen huet wat mer alles falsch maachen. Esou huet hien et och färdeg bruecht eis op engem vermeintlech „lichten" Training en Muskelkater an d'Been ze zauberen.

Di Deeg drop hate mir (Team Jäng) ganz verschidden Traininger. Déi meescht waren fir Konditioun

opzebauen. Heinsdo si mir an de Bësch gangen an hunn do eis Tiir gedréint, oder mer sinn kilometerwäit d'Plage erop an erof gehetzt gin ;)

Mir hu Schnellegkeet am déiwe Sand trainéiert an hun d'Medizinbäll duech d'Loft geschoss. Méi selten si mir mat op den Terrain gefuer, wou méi e klasseschen Training op eis gewaart huet.

Gudd fannen ech emmer rem um Stage, dass den Training esou ofwiesslungsräich ass (dem Jäng en décke Merci). Et kann ee wierklech vill machen an d'Wieder spillt och meeschtens mat. Et fiert ee jo net fir näischt 1000km an de Süden. Owes bléiwen dei italienesch Glacen awer den non-plus-ultra!

Yannick Frantz

AUSLANDSTARTS

Wichteg Erënnerung! Bei engem Auslandstart soll ëmmer am Viirfeld de Veräin informéiert ginn, an dat wéinst der Assurance, an eventuell kann och d'Startgebühr iwwerholl ginn.

Grad esou wichteg ass et och fir duerno d'Resultat eran ze ginn, well nëmmen esou ka garantéiert ginn datt d'Leeschtung an d'Bëschteleschten opgeholl gëtt.

Kontakt: comite@cadudelange.lu

TRIATHLON "BOOM"

Am Beräich Triathlon gëtt et e klenge Boom ze verzeechnen. Laang Zäit hat den CAD nëmmen 4 Athleten, elo si mer innerhalb vu kuerzer Zäit op 14 Athleten gewues! Dobäi kënnt nach een Offizielen.

CHAMPIONS-TITELEN

Folgend Athleten konnten bei de Championnater am Cross, an der Hal an op der Piste gudd ofschneiden:

BRANDENBURGER Liz, 2. Minime am Speerwerfen
CHARLET Mandy, 1. Seniorin op den 100m Hürden, 1. Seniorin am Bommstoussen Indoor, 2. Seniorin am Bommstoussen, 2. Seniorin op den 60m Hürden Indoor an 3. Seniorin am Speerwerfen
FORNACCIARI Valérie, 3. Seniorin op den 800m
PLEIMLING Isabeau, 1. Seniorin am Bommstoussen, 1. Cadette am Bommstoussen, 2. Cadette am Diskus, 2. Cadette am Speerwerfen an 3. Seniorin am Bommstoussen Indoor
PLEIMLING Noémie, 1. Seniorin am Héichsprong Indoor an Outdoor, 1. Seniorin am Diskus, 1. Seniorin am Speerwerfen, 1. Juniorin am Héichsprong, 1. Juniorin am Diskus, 1. Juniorin am Speerwerfen, 2. Seniorin am Bommstoussen Indoor an 3. Seniorin am Wäitsprong
WALLENBORN Julie, 1. Espoirin am Dräisprong, 1. Espoirin am Speerwerfen
WEILER Liz, 1. Espoirin am 3000m Steeple, 2. Espoirin am Cross-Country

AUER Nicolas, 3. Cadet op den 110m Hürden
BIRCHEM Kevin, 1. Minime am Hammerwerfen, 3. Minime am Wäitsprong, 3. Minime am Speerwerfen
CHARLET Wesley, 1. Senior an 1. Espoir op den 200m, 1. Espoir op den 400m Hürden, 1. Espoir op den 100m, 2. Senior an 1. Espoir op den 110m Hürden, 2. Senior an 2. Espoir am Stabhéichsprong an 3. Senior op den 100m
DOMBRAT Alexandre, 2. Senior op den 60m Hürden Indoor, 3. Senior op den 110m Hürden an 3. Senior am Héichsprong Indoor an Outdoor
FRANTZ Yannick, 1. Espoir an 1. Senior op den 3000m Steeple, 2. Espoir op den 1500m
GASPERINI Gilles, 2. Senior am Hammerwerfen
HEINTZ Fernand, 2. Senior am Bommstoussen Indoor an Outdoor an 2. Senior am Diskus
LAMAS Diego, 1. Junior am Speerwerfen
LEHMEIER Eric, 1. Junior am Héichsprong, 2. Junior am Speerwerfen an 3. Junior am Dräisprong
LORANG Gilles, 3. Senior am Hammerwerfen
MERTZ Thierry, 2. Junior am Bommstoussen an 2. Junior am Diskus
MEYER Marc, 1. Senior am Diskus
NICOLA Gil, 3. Espoir op den 100m, 3. Espoir op den 200m, 3. Espoir op den 400m
VENTURINI Gilles, 3. Senior op den 5000m

GUDD INTERKLUBEN !

Bei den Interklub Championnater gouf et dëst Joër ganz gudd Resultater.

Am Jugendinterklub am Mee zu Schëffleng goufen eis Jongen ganz gudd Zweet. Well ee Minime op 2 Mëttelstrecken gestart ass op deenen zwee Deeg, wat awer laut Code net erlaabt ass, goufe mer vun der ursprünglecher 1. Plaatz zréck klasséiert op déi 2. mat engem Total vun 19979 Punkten, hannert dem CSL. Eis Meedercher koumen op déi 5. Plaatz.

An de Seniors-Interklubmeeschterschaften am Juli zu Esch goufen eis Häeren exzellent Zweet, hannert dem CSL, an eis Dammen goufen ganz gudd Drëtt. Gewonnen huet hei den Celtic.

HAARD TRAIL

Den 8. Oktober kënnt et zur éischter Editioun vum Haard-Trail. Den CAD hëllt also a säin Organisatiounsprogramm och en Trail op, iwwert e wonnerschéine Parcours am Natuurpark Haard.

Niewt dem Trail vun 13km gëtt et och e Walking iwwert de selweschte Parcours, mat engem Gesamthéichtenënnerscheed vun 362m! Déiwste Punkt op 299m (no beim Départ), héchste Punkt op 415m, an et ginn 3 Spëtzten am Relief.

Weider Infoen am Flyer oder um Internet!

VERLOOSS HUN EiS...

Gläich zwou “Anciennes Gloires” hunn eis am Juni fir ëmmer verlooss.

Den **Albert Schumacher** (1920-2011) war an de 40er Joren e ganz gudde Mëttel- a Laangstreckelefer, an hat och matt de Klubrekord op der 4x1500m.

D’**Milly Steinmetz-Ludwig** (1927-2011) war eng Allrounderin, awer speziell gudd am Wäitsprong wou si 1948 och mat op London op d’Olympesch Spiller war. Si hat och laang Joren de Landesrekord iwwert 80m Hürden an am Wäitsprong.

Mäer drécken de Familljen eis déifste Mattgefill aus.

OPRUFF !

De Komité vum CAD mescht erëm zwee Opriff:

- Mäer sichen Leit, déi wëllen als **Träner** eng Hand matt upacken kommen, oder gewëllt sinn an engem **Comité** oder bei engem Meeting um **Terrain** matt ze schaffen
- Mäer sichen och **Athleten** déi wéilten bei dësem **Newsletter** oder um **Internet-Site** matt schaffen

Bei Interessi mellt Äerch w.e.g. op comite@cadudelange.lu oder um Tel 511651.

CAD KALENNER

Hei déi wichtegst Terminer fir déi näechst puer Méint:

21.08	Triathlon Champ., Celtic
27.08	**Werfermeeting, CAD**
27.08 - 04.09	IAAF Weltmeeschterschaften a Südkorea
03.09	**Intern. oppene Meeting, CAD**
03.09	Escher Kulturlaaf
10.09	Challenge Tageblatt 7, CAPA
10.09 - 11.09	Mehrkampfmeeschterschaften, CAPA (Diekirch)
14.09	**Staffelmeeschterschaften, CAD**
17.09	Coupe des Dames, Celtic
18.09	Coupe du Prince, CSL
24.09	Challenge Tageblatt 8, CAS
25.09	Route du Vin, FLA Remich
02.10	Walfer Vollékslaf
08.10	**Haard-Trail, CAD**
16.10	Marathon Championnat, RRE
06.11	Hierschtduathlon, CAS

CADiE / BOMMSTOUSSEN

Den 3. Juli hate mer um neie Kennedy-Stadion erëm en aussergewéinlecht Evenement.

De wëll schons 24. CADIE Tetrathlon gouf dëst Joër vun engem internationalen Bommconcours enkadréiert, den et a sech hat.

Net manner wéi 5 Leit hunn iwwert 19m geworf, an de Gewënner **Marco Fortes** aus Portugal huet matt exzellenten 20.22m e neien Stadionrekord erzielt!